LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6754 vum 1. September 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

Direkt nom Äerdrutsch am Tunnel Schieburg, hunn d’CFL emfaassend Analysen organiséiert, déi et erméigleche wäerte fir kënnen d’Ursaache vun dësem Äerdrutsch, esou wéi och den Zoustand vum Fiels iwwert dem Tunnel ze ermëttelen.

Während der Spärung vum Stréckendeel tëschent Klierf a Kautebaach wäerte folgend Busser niewent den RGTR-Buslinnen zum Asatz kommen:

- Een Direktbus tëschent Ettelbréck a Klierf pro Stonn a pro Richtung.
- Ee Bus um Trajet tëschent Kautebaach – Wëlwerwolz – Drauffelt – Klierf pro Stonn a pro Richtung.

Den 13. September 2022 ass eng Pressekonferenz organiséiert gi fir d’Reesende vun der Linn 10 iwwert d’Alternativléisungen, déi während der Spärung vum Stréckendeel tëschent Klierf a Kautebaach proposéiert ginn, ze informéieren.

Detailer zu de jeeweilegen Alternativléisunge kënnen bei enger Fuerplang-Recherche op den Internetsäite vun www.cfl.lu an www.mobiliteit.lu, esou wéi op den Applikatiounen CFL mobile a mobiliteit.lu opgeruff ginn.

Lëtzebuerg, den 26. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch